PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n°4931 hat ech d'Regierung ëm Informatiounen iwwer d'Internéierung vu Patiente mat mentale Gesondheetsproblemer gefrot.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. D'Ministeren äntweren, dass de Gesondheetsministère d'Donnéeën iwwert d'Flux'en an d'Unzuel vu placéierte Patienten net zentraliséiert.
   Bewäert de Gesondheetsministère et als oninteressant, ee Suivi vum Zoustand vun de mentale Gesondheetsproblemer hei am Land ze maachen?
   Wéi wëll de Ministère notamment kontrolléieren, ob d'Offer an d'Qualitéit vun der psychiatrescher Betreiung ausreechend ass, wa keng Analysen un Hand vu bestoenden Donnéeë gemaach gëtt?

2. Op meng Fro zu der Publikatioun vun den triennale Rapporten, déi d'Gesondheetsministesch der Chamber muss virleeën, äntwert d'Ministesch, dass si kee Problem gesäit, dës um Site vum Gesondheetsministère ze publizéieren. Wéini gedenkt de Ministère domadder unzefänken, wëssend, dass d'Gesetz zënter 2009 a Kraaft ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député